N° 7864
Entrée le 04.05.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

**Gemeinsam Äntwert vum Här Premierminister, Staatsminister a vun der Madamm Justizministesch op d'parlamentaresch Fro n°7864 vum 4. Abrëll 2023 vun den honorabelen Deputéierte Léon Gloden a Laurent Mosar**

D'Justizautoritéite confirméieren de Communiqué de Presse, deen no de Perquisitiounen am Süde vum Land wéinst Finanzéiere vun Terrorismus gemaach ginn ass. Wéi am Communiqué vum Parquet scho matgedeelt gouf, leeft aktuell eng Enquête wéinst Finanzement vun Terrorismus. Zum jëtzegen Zäitpunkt kann een awer net dovun ausgoen, dass et sech heibäi ëm ee Phänomen handelt, deen un Envergure gewënnt.

D'Lag vun der Bedrohung am Beräich Terrorismus a gewaltbereeten Extremismus gëtt vum Koordinéierungsgrupp fir d'Lutte géint den Terrorismus reegelméisseg analyséiert, dëst opgrond vun der Evaluatioun vun der Geforelag duerch den SRE, zesumme mat de verschiddenen zoustännegen nationalen Acteuren. Lëtzebuerg ass momentan mat engem Niveau de Menace 2 konfrontéiert, wat bedeit, datt een et, mat Bléck op d'Sécherheetssituatioun am internationale Kontext, mat enger reeller mee abstrakter Menace ze dinn hunn, an deem Sënn, datt eis Sécherheetsservicer keng Informatiounen iwwert eng konkret Menace fir eng Cible op eisem Territoire hunn. Déi zoustänneg Autoritéite wäerten d'Evolutioun vun der Situatioun kontinuéierlech suivéieren an analyséieren.

Lëtzebuerg, den 3. Mee 2023

De Premierminister, Staatsminister

(s.) Xavier BETTEL